Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp St. Pirmin vum Séi | c/o Martine Stephany
IBAN LU45 1111 1919 2963 0000 | 12 an der Huuscht L9150 Eschduerf | wellef.vum.sei@gmail.com | http://pirmin.pulse.lu

Eschduerf, den 23. September 2011

Léif Wëllef, léif Elteren,

wëllkomm am neie Guiden a Scoutsjoer. Op der Récksäit sou wéi op eisem Site fannt dir de Programm fir déi kommend dräi Trimesteren.

D'Versammlungen vun dësem Joer sin alleguer Samsdes vun 14:00 bis 16:00 an eisem Chalet um Jhenkepull. Well mir d'Wieder nit scheien, sollen d'Kanner ëmmer gekleed sin fir kënnen erauszegoen. (Déck Schong, Reejackett, Händschen oder Sonnekaap, je nodeems) Et sollt Gezäi sin bei deem et nit schlëmm ass wann et knaschteg gëtt. Et wier praktesch wann äert Kand kéint Schlappen am Chalet hunn.

D'Wellef sollen fir all Aktivitéit hieren Foulard undin. Si brauchen keen Handy, DS, mp3, aner Spillsaachen oder Séissegkeeten. Mir Chef sin wärend der Aktivitéit jidderzäit erreechbar. Wann een nit an eng Versammlung komme kann soll een sech oofmellen. Fir all Kontakt gëllt wellef.vum.sei@gmail.com.

Äer **Chefequipe** sin :
Michèle Nickels vun Eschduerf (621 36 07 48)
Anne Sanavia vun Esch-Sauer (691 64 20 69)
Véronique Brack vun Ueschdrëf (621 72 93 10)
Sophie Heymes vun Houschtert (691 21 61 29)
Liz Muller vun Eschduerf (691 80 64 80)
Sara Haas vun Eschduerf (621 65 67 68)

D'Martine Stephany, eisen neie Gruppechef, huet sech leider aus der Wëllef-Chefequipe zréckgezun.

12 November 2011
Zesummen mat de Biber gi mir an den CAPE daat Theatersték kucken, waat déi Ettelbrécker Guiden mat vill Léiwt, Zäit a Méi geprouwt hun. Dëst Joer spillen si d'Geschicht vum **Zauberer vun Oz**. Et ass wichteg, datt dir eis bis Mëttwoch, den 28 September bescheed soot, op dir matgidd oder nit. Sou kënne mir mir Plaze reservéieren, well déi lescht Rei ass wierklech wäit ewech vun der Bühn.

Rendez-Vous ass Samsdes, den 12 November um 13:30 beim Chalet. Mir huelen dann de Bus an den Theater fänkt um 14:30 un. Géint 18:00 si mir rëm zu Eschduerf beim Hotel Braas.

Bréngt deen Dag selwer w.e.g. 6€ fir den Theater mat, an evt. e bëssen Täschegeld, well an der Paus gëtt et Tombola, Kuch a Gedrénks. Ausserdeem braucht dir eng Jumboskaart, oder 2 Kuerzzäitbilljeën resp. Sue fir een am Bus ze kafen.

20 Mee 2012
Mir sin houfreg, datt eise Grupp leschte Juli zu Nidderanven beim Chaos an der Musékswelt sou gudd iwwerzeege konnt, datt mir dëst Joer den **nationale Wëllefchersrallye um Séi** firbereeden däerfen. Am drëtten Trimester wäert dëst Evenement och den Thema vun e puer Versammlunge sin.

Mir freeën eis op e flott Joer mat iech all,
Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,

Äer Chefequipe

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp St. Pirmin vum Séi | c/o Martine Stephany
IBAN LU45 1111 1919 2963 0000 | 12 an der Huuscht L9150 Eschduerf | wellef.vum.sei@gmail.com | http://pirmin.pulse.lu

Programm Wëllef St Primin vum Séi
2011 - 2012

Samsdes a Sonndes	17.-18. 09	Montéesweekend
Samsdes	24.09.	1. Versammlung
Samsdes	01.10.	Versammlung
Samsdes	15.10	Versammlung
Samsdes	22.10	Versammlung
Samsdes	12.11	Guidentheater (umellen/oofmellen nit vergiessen)
Samsdes	19.11	Versammlung
Samsdes	3.12	Versammlung
Samsdes	10.12	Versammlung a Chrëschtveillée
Sonndes	18.12	Sortie (Detailer kommen nach no)
Samsdes	07.01.12	Versammlung
Samsdes	14.01.12	Versammlung
Samsdes	21.01.12	Versammlung
Samsdes	28.01	Versammlung
Samsdes	11.02	Versammlung
Samsdes a Sonndes	25. - 26.02	Weekend (Detailer kommen nach no)
Samsdes	03.03	Versammlung
Samsdes	17.03	Versammlung
Samsdes	24.03	Versammlung
Samsdes	21.04	Versammlung
Samsdes	28.04	Versammlung
Samsdes	12.05	Versammlung
Sonndes	**20.05**	**Wëllefrallye um Séi** (Detailer kommen nach no)
Samsdes	09.06	Versammlung
Samsdes	30.06	Versammlung
Samsdes	07.07	Versammlung
Mëttwoch bis Sonndes	18-22.07	Camp (provisorechen Datum)